LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1920 vum 10. Februar 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. ***Wéi vill Meldunge vu grenziwwerschreidende Steiergestaltungen huet Lëtzebuerg an der Period 2020-2023 vun anere Memberstaaten erhalen a wéi vill hu mir un aner Memberstaate geschéckt? Kënnt Dir dës Zuelen no Joer an no Land opschlësselen?***

Déi europäesch Richtlinn 2018/822 («DAC6») huet en automateschen an obligatoreschen Informatiounsaustausch vu grenziwwerschreidende Steiergestaltungen agefouert. Dës Direktive gouf mam Gesetz vum 25. Mäerz 2020 hei zu Lëtzebuerg transposéiert.

Den éischten automateschen Informatiounsaustausch am Kader vun der DAC6 huet den 28. Abrëll 2021 stattfonnt.

Bis den 31. Dezember 2023 goufen 2.806 Meldungen zu grenziwwerschreidende Steiergestaltungen bei der Lëtzebuerger Steierverwaltung agereecht an op den Zentrale Repertoire, dee vun der EU Kommissioun opgestallt gouf, eropgelueden. Dës Steiergestaltungen betreffen entweder een oder méi Memberstaaten. Verschiddener betreffe just Lëtzebuerg an en Drëttstaat.

D'Opschlësselung no concernéiertem Memberstaat an no Joer presentéiert sech follgendermoossen:

| *Joer* / *Memberstaat* | 2021 | 2022 | 2023 | TOTAL |
|---|---|---|---|---|
| ***AT*** | 21 | 12 | 4 | 37 |
| ***BE*** | 304 | 17 | 56 | 377 |
| ***BG*** | 10 | 0 | 0 | 10 |
| ***CY*** | 47 | 12 | 15 | 74 |
| ***CZ*** | 16 | 3 | 1 | 20 |
| ***DE*** | 240 | 19 | 40 | 299 |
| ***DK*** | 24 | 0 | 5 | 29 |
| ***EE*** | 9 | 0 | 1 | 10 |
| ***ES*** | 72 | 16 | 9 | 97 |
| ***FI*** | 14 | 1 | 2 | 17 |
| ***FR*** | 286 | 16 | 37 | 339 |
| ***GR*** | 18 | 0 | 4 | 22 |
| ***HR*** | 2 | 0 | 2 | 4 |
| ***HU*** | 22 | 4 | 2 | 28 |
| ***IE*** | 61 | 15 | 20 | 96 |
| ***IT*** | 73 | 16 | 12 | 101 |
| ***LT*** | 8 | 0 | 3 | 11 |
| ***LV*** | 9 | 0 | 0 | 9 |
| ***MT*** | 31 | 2 | 5 | 38 |
| ***NL*** | 130 | 19 | 48 | 197 |
| ***PL*** | 16 | 5 | 15 | 36 |
| ***PT*** | 29 | 2 | 5 | 36 |
| ***RO*** | 13 | 4 | 0 | 17 |
| ***SE*** | 40 | 1 | 8 | 49 |
| ***SI*** | 9 | 0 | 0 | 9 |
| ***SK*** | 10 | 1 | 3 | 14 |

D'Steierverwaltung huet bis den 31. Dezember 2023 9.521 Meldunge vu grenziwwerschreidende Steiergestaltungen, déi Lëtzebuerg als concernéierte Memberstaat uginn an déi an anere Memberstaaten deposéiert goufen, aus dem Zentrale Repertoire erofgeluede fir se an hier national Datebank ze integréieren.

D'Opschlësselung no Joer presentéiert sech follgendermoossen:

| 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | TOTAL |
|---|---|---|---|---|
| 1212 | 3564 | 3268 | 1477 | 9521 |

Eng Opschlësselung no Memberstaat kann d'Steierverwaltung net publizéieren ouni d'Autorisatioun vun de betraffene Memberstaaten.

**2. *Wéi vill vun dëse Meldunge goufen analyséiert a wéi vill hunn zu enger Nofro bei de jeeweilege Steierflichtege gefouert?***

Fir den Ament ginn d'Informatiounen déi Lëtzebuerg betreffen, op Ufro vun engem Steierbüro zu engem gewësse Steierflichtege, analyséiert.

An Zukunft sollen dës Informatiounen de Steierbüroe systematesch zur Verfügung gestallt ginn an och mat aneren Donneeën zesumme kënne benotzt gi fir Risikoanalysen duerchzeféieren an doriwwer eraus och an eng allgemeng Risiko-Managementléisung vun der Steierverwaltung afléissen. D'Haaptzil vun dësem IT-Projet ass et, der Steierverwaltung eng quasi automatesch Risikoanalysléisung zur Verfügung ze stellen déi et erlaabt d'Kontrollen méi gezielt duerchzeféieren.

**3. *Wéi gesäit d'Prozedur vun der systematescher Qualitéitskontroll vun den DAC6-Rapporten zu Lëtzebuerg aus a wéi eng Critèrë ginn dobäi consideréiert?***

Bei dëse Kontrollen, déi zanter 2023 stattfannen, iwwerpréift d'Steierverwaltung d'Vollstännegkeet vun de Meldungen, déi hei zu Lëtzebuerg agereecht ginn a stellt sécher, datt all d'Informatiounen iwwert grenziwwerschreidend Steiergestaltungen renseignéiert sinn, wéi zum Beispill datt déi betraffe Steierflichteg richteg ugi sinn.

Zanter Juni 2024, gëtt och vun de Meldungen, déi an anere Memberstaaten agereecht goufen an déi Lëtzebuerg betreffen, eng Qualitéitskontroll gemaach, fir eventuell Mängel z'identifizéieren. Heibäi gëtt gekuckt op e lëtzebuergesche Steierflichtege concernéiert ass a falls jo, op d'Informatiounen zu dësem och vollstänneg ugi goufen. Falls de Steierflichtegen net kann identifizéiert ginn, gëtt de Memberstaat kontaktéiert, deen d'Meldung an de Repertoire eropgelueden huet, fir weider Informatiounen zur Steiergestaltung ze kréien.

**4. *Wéi vill Personal steet fir d'Analys vun dësen Donnéeën zur Verfügung a gëtt dëst als ausräichend ugesinn?***

D'Division Echange de renseignements et retenue d'impôt sur les intérêts (DIVECH) vun der Steierverwaltung ass zoustänneg fir d'Ëmsetzung an d'Applikatioun vum automateschen Informatiounsaustausch. De Bureau de la retenue d'impôt sur les intérêts (SRI), deen der DIVECH direkt ënnersteet, këmmert sech ëm den operativen Deel vum automateschen Informatiounsaustausch.

Am Moment ass eng dediéiert Ekipp innerhalb vun der DIVECH am SRI zoustänneg fir den Informatiounsaustausch vun de grenziwwerschreidende Steiergestaltungen. Dës Ekipp besteet aus 5 Persounen déi sech, niewent anere Missiounen, och ëm d'Ëmsetzung vun dësem Austausch këmmeren: ee Superviseur, ee Coordinateur, e Chef de projet IT, en Expert-Métier an een Operateur. Fir déi aktuell Besoine schéngt dës Unzuel der Steierverwaltung ausräichend. Fir d'Zukunft gëtt nach analyséiert op d'Ekipp sech erweidere soll.

***5. Wie héich schätzt de Minister de Steierausfall duerch net identifizéiert oder net analyséiert grenziwwerschreidend Steiergestaltungen?***

Wéi erwäänt, ass et der Steierverwaltung hiert Haaptzil d'DAC6-Donnéeë fir Risikoanalysen ze benotzen.

D'Donnéeën aus de grenziwwerschreidende Steiergestaltungen stellen ee vu ville Facteuren duer, déi an dës Risikoanalysen afléissen. Aus deem Grond ass et net méiglech fir e Steierausfall op eng spezifesch grenziwwerschreidend Steiergestaltung zréckzeféieren.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth